# Jugendversammlung vum 19.10.2024




**Kolonie 2025 "Road to... ":**
D'Iddi "LONDON" gouf präsentéiert. Den Interet ass grouß, et mussen virdrun nach Sachen (Transport an Herberge) richteg nogesicht ginn eh mir London secher als éist d'Ziel fir 2025 auswielen. Stadiontour, Harry Pottermusée, Neon Musée an verschidden Plazen fir ze iessne goufen och schon virgeschloen.

**Info iwwert Konfliktlotsen-Formatioun vun der Gemeng Gréiwemaacher:**
Du hues 17 Joer an wëlls am Summer an der Schwemm zu Gréiwemaacher schaffen an an enger Formatioun iwwert 1. Hëllef, Krav Maga an Konfliktléisung matmachen? Dann mell dech bei eis.

**Halloweenparty:**
Gewënscht goufen sech en Kostümconcours an verschidden Spiller. Filmer sinn net sou gewënscht. Nächst Joer wieren der vläit e puer dobäi bei engem Rally vun engem Jugendhaus matzemachen..



**Gaming Weekend 15. -17.11. zu Lëltz:**
Et gouf Froen ob een säin eegend Material dierf matbrengen (Computer asw)
Den Thierry freed dat en Donneschten no an gëtt Bescheed.



**E J-Cup 2025**
Vue dass geplangt ass den Tournoi op Twitch ze streamen, sinn den Luka an den Jay interesséiert en Overlay ze gestalten.
Beim Gedrenks an Iessen wieren d'Grace an d'Sophia bereed ze hëllefen.

**Gewënschten Aktivitéiten déi um Site sinn an wou et wichteg ass sech unzemellen:**

- Escape Room (29.10.)
- Laser Game (30.11)
- Karting & Bowling (18.01)




**Filmer fir den X-Mas Filmnomëtten**
Zur Ofstëmmung stinn: Nightmare before Christmas / Polarexpress /Grinch / Kevin allein zuhause/ Kevin allein in New York



**Chrëschtmaart besichen (14.12.)**
Virschléi sinn Trêier. Bréissel an Saarbrécken. Mir machen eng Ofstëmmung wou et hi geht.

**Filmer am Januar:**
Et gouf Mazerunner 1, 2 an 3 virgeschloen.

## Déi nächst Jugendversammlung ass den 16. November



